



Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, de 27te Januar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

D'UN-Kannerrechtskonventioun gesäit Folgendes vir:

“En particulier, tout enfant privé de liberté sera séparé des adultes, à moins que l'on estime préférable de ne pas le faire dans l'intérêt supérieur de l'enfant (...)” (Artikel 37c).

Dat lescht Joer hat ech a menger parlamentarescher Fro n°595 gefrot, wéi vill Jugendlecher insgesamt zu Lëtzebuerg an engem Prisong ënnerbruecht goufen. D'Zuelen aus der Äntwert vum Minister weisen, dass säit 1992 ëmmer erëm Jugendlecher a Strukturen fir Erwuessener ënnerbruecht goufen. Wärend déi international Normen d'Placéiere vu Mannerjäreger a Prisongen kloer als Ausnam definéieren, ass dës Praktik zu Lëtzebuerg also säit ville Joren duerchaus geleafeg.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Justizministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°595 feelen déi gefrotten Zuelen aus de Joren 2014, 2016 an 2017. Wéi vill Mannerjäreger sinn am Zäitraum vun 2014 bis 2019, wann och nëmmen temporär, an engem vun de Prisongen zu Lëtzebuerg placéiert ginn?
2. Wéi laang waren déi eenzel Jugendlech tëscht 2014 an 2019 all Kéiers am Prisong inhaftéiert?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 26.02.2020
Réf. N° QP-07/20



Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1782 du 27 janvier 2020 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON
Ministre de la Justice

**Réponse de Sam Tanson, Ministre de la Justice,
à la question parlementaire n° 1782 du 27 janvier 2020 de l'honorable député Marc
Goergen**

1. Wat de Placement vu Mannerjäreger a Prisongen fir Erwuessener am Zäitraum vun 2014 bis 2019 betrifft, kennen folgend Zuelen beluecht ginn :

Joer	Zuel vun den placéierten Mannerjäreger
2014	12
2015	4
2016	15
2017	23
2018	6
2019	0

2. Tëscht 2014 an 2019 waren Mannerjäreger an der Moyenne pro Joer folgend Zäit am Prisong fir Erwuessener :

Joer	Moyenne vun den Deeg pro Mineur
2014	65,2
2015	31
2016	15,36
2017	49,6
2018	31,5
2019	0